LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 13 juillet 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

*REÇU*
*Par Alff Christian , 10:15, 13/07/2020*

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°2340 du 4 juin 2020 des honorables députés Messieurs Jeff Engelen et Roy Reding, concernant la base légale des contrôles de la vitesse, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a Minister fir bannenzeg Sécherheet a vun der Madame Sam Tanson, Justizminister op d'parlamentaresch Ufro N°2340 vum 4. Juni 2020 vum Här Deputéierte Jeff Engelen a vum Här Deputéierte Roy Reding iwwert d'Reglementatioun bei engem Chantier**

Den honorabelen Här Deputéierte Roy Reding an den honorabelen Här Deputéierte Jeff Engelen stelle sech Froen iwwer d'Reglementatioun vun der Vitess am Kader vun engem Chantier.

An dësem Zesummenhang erlaben ech mir fir d'éischt, meng Verwonnerung auszedrécken iwwert dës Fro, déi sech op en Artikel aus der Press an op eng lafend Affaire bei Geriicht bezitt, bei där nach keen Urteel gesprach ginn ass.

Wat d'Reglementatioun vun der Vitess op Chantieren ugeet, esou seet den Artikel 139, Paragraf 3, vum Arrêté grand-ducal modifié vum 23. November 1955 iwwert de Verkéier op allen ëffentleche Stroossen (Code de la route) folgendes:

*« 3. Sans préjudice des dispositions du présent article sous 1, 2 a), 4 et 5 et sans préjudice de limitations de vitesse dérogatoires indiquées par le signal C,14, la vitesse maximale autorisée est fixée comme suit à la hauteur des chantiers fixes pour les périodes d'activité sur ces chantiers, ces dispositions étant indiquées par le signal C,14 adapté :*
*[...] c) sur les autoroutes*

- *à 70 km/h dans le sens de la chaussée comportant le chantier ;*
- *à 70 km/h dans les deux sens, lorsqu'une partie ou l'ensemble du trafic est dévié sur la chaussée ouverte à contresens. »*

Dëst bedeit, dass op den Autobunnen an engem Chantier d'office eng Vitesslimitatioun vu 70 Stonnekilometer gëllt bis zu deem Zäitpunkt un deem de Chantier ofgeschloss ass.

Ët sief och nach erwänt, dass de Code de la route an den Artikelen 102 an 102bis eng ganz Rei Dispositiounen d'office virgesäit, wat d'Mise en place vun engem Chantier ugeet.

Doduerch bedéngt dass wärend engem Chantier meeschtens nach aner Dispositiounen néideg sinn, wéi beispillsweis en Iwwerhuelverbuet oder eng Verengung vun de Spueren, gëtt fir e Chantier üblecherweis e ministeriellt Reglement geholl an deem all Verännerungen an der Reglementatioun fir d'Zäit vum Chantier oder fir eng bestëmmt Phase vun engem Chantier festgehale ginn.

An dësem Zesummenhang sief dann och nach op en Arrêt vun der Cour d'appel vum 27. Dezember 2009 (arrêt nr. 534/09) higewisen, wou no den Artikel 139 3. c) aus dem Arrêté grand-ducal eng ausräichend legal Basis fir d'Vitesslimitatiounen op 70 Stoonekilometer am Fall vun engem Chantier op der Autobunn ze beschränken duerstellt.

Den Artikel 5, Paragraf 2, vun der *Loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques* seet dann och nach dass d'Verkéiersreegele permanent oder temporär iwwert e Règlement grand-ducal kënne gereegelt ginn.
Den Artikel 100, Paragraf 1, vum Code de la route erlaabt dann den zoustännege Ministere gemeinsam e Règlement ministeriel ze huelen, duerch dat z. B. de Verkéier temporär an engem Chantier reglementéiert gëtt. Dëst Reglement huet eng Dauer déi ob dräi Méint limitéiert ass.
Am Fall vum Chantier op der Autobunn A4 op der Héicht vu Steebrécken gouf den 3. Januar 2019 e ministeriellt Reglement geholl wat den 18. Januar 2019 a Kraaft getrueden ass an duerch e groussherzoglecht Reglement vum 29. Mäerz ersat ginn ass.

Wéinst enger zousätzlecher Moossnam um Chantier gouf den 8. Februar 2019 e weidert ministeriellt Reglement geholl, wat dunn duerch e groussherzoglecht Reglement vum 26. Abrëll 2019 ersat gouf.

Domat ass séchergestallt gewiescht dass de Chantier uerdnungsgemäss reglementéiert war. Well doduerch och all Vitesskontrollen déi an dësem Chantier gemaach gi sinn rechtméisseg waren, stelle sech déi aner Froen, déi nach opgeworf gi sinn, net.

Wat elo d'Kontrolle betrëfft, esou stoung de mobille Chantiers-Radar vum 5. bis den 13. Mäerz 2019 am betraffene Chantier op der A4. An dësem Zäitraum sinn am ganzen 10 279 Avertissements taxés (AT) vun 49 Euro an 1 465 ATe vun 145 Euro ausgestallt ginn. Doriwwer eraus sinn dann och nach 802 Délits de grande vitesse festgestallt ginn.